



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 7850 vum 31. Mäerz 2023 vum Här Deputéierte Sven Clement

Energiespueren, Klimaschutz an Denkmalschutz däerfen sech net géigesäiteg an de Féiss stoen a sollen Hand an Hand goen. Dofir huet den Institut national pour le patrimoine architectural - INPA (anc. Service des sites et monuments nationaux) scho virun iwwer 10 Joer [Richtlinnen](#)¹ ausgeschafft a permanent weiderentwéckelt, déi Weeër uginn wei een en Haus thermesch verbessere kann ouni säin Denkmalswäert ze zerstéieren. Am Kader vun de Journées européennes du patrimoine 2022, huet de Kulturministère zesumme mam INPA an der Klima-Agence eng Broschür mam Titel [Patrimoine et développement durable](#)² erausginn, an där och gewise gëtt wei ee Klima- an Denkmalschutz beienebrénge kann.

Bei ville Restauratiounsaarbechten déi den INPA begleet ass dat en Thema an et gëtt ëmmer mat de Proprietären zesummen no de beschte Léisunge gesicht.

Vu datt et wëssenschaftlech erstallt ass, datt wéineg Hëtzt duerch al Maueren entwëscht, ass eng komplett Isolatioun am Bestand meeschtens net noutwenneg a gewënscht. Eng Bannendämmung ass dacks déi gutt Léisung fir net Baussen den historiesche Botz, d'Encadrementer vun den Ouverturen oder soss Dekoratiounselementer ze verléieren. Och ass et wichteg „no ënnen“ a „no uewen“ z'isoléieren an dem Haus en adequaten Hëtzsysteem ze ginn.

Zesumme mat der Klima-Agence an der Stad Déifferdeng huet den INPA eng Kommunikatioun entwéckelt fir de Leit ze weise wei ee bei enger ganzer Rei kommunal geschützten Haiser zu Déifferdeng mat dësem Thema ëmgoe kann. Well et sech em Gebaier aus selwechte Gattungen handelt (Aarbechterkolonien a Reienhaiser, gebaut am Ufank vum 20. Joerhonnert), konnten eenheetlech Moosnamen definéiert ginn, déi dem Public de 24. Abrëll virgestallt wäerte ginn.

Wann e Proprietär vun engem kommunal geschützte Gebai thermesch Verbesserung wëll ëmsetzen déi dem historiesche Bestand ze vill zousetzen, virun allem duerch eng Baussenisoliatioun, an dofir net vum INPA konnte guttgeheescht ginn, da bleift dem Kulturminister, deen iwwert de Projet muss offiziell informéiert ginn, d'Méiglechkeet d'Haus national ze klasséieren fir esou e gréissere Schued um gebauten Ierwen ze verhënneren. Géint dës Entscheidung kann de Proprietär viru Geriicht kloen.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2023.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson

¹ <https://inpa.public.lu/dam-assets/fr/publications/patrimoine-efficience-nerg-tique.pdf>

² <https://mc.gouvernement.lu/fr/publications/guide-manuel/minist-culture/brochure-patrimoine-culturel-developpement-jdp2022.html>